



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber



Lëtzebuerg, den 19. Mee 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier-, Staats-, Medien- a Kommunikationsminister weiderzeleeden.

Den Dateschutzbeoptragten vun der Bundesrepublik Däitschland huet kierzlech drop higewisen, dass d'Verwaltungen a Servicer vum Bund d'Fangere vu Whatsapp loosse sollen.

Och wann déi verschéckten Messagen verschlésselt wieren, sou kéint een un Hand vun de Metadaten Profiler vun de Useren erstellen.


Wann elo op de Messenger-Déngscht vun z.B. Facebook géif zrëckgegraff ginn, da wier dat och e Beweis dofir, dass d'Regierung et verpasst hätt selwer en dateschutzfrëndlechen Déngscht op d'Been ze stellen.

Opgrond vun dësen Ausféierungen wéilte mir folgend Froen un den Här Minister stellen:


- Deelt den Här Minister d'Aschätzung vum däitschen Bundesdateschutzbeoptragten?
 - Wa jo, wéi eng Réckschlëss wéll den Här Minister doraus schléissen?
 - Am géigendelege Fall, wéi gesäit d'Regierung d'Notzen vu sou Déngschter op staatlecher Säit?
- Ginn et vu Säiten vun der Regierung oder vum Minister selwer, kloer Instruktiounen un d'Adress vun de Verwaltungen a Servicer wat d'Handhabung vu Whatsapp oder änleche Messenger-Déngschter ubelant? Ginn et Verwaltungen a Servicer, an deenen en Zrëckgräifen op dës Déngschter ënnersot ass? Kann de Minister eis dës ënnerschiedlech Virgaben erklären?
- Wéi schätzt eis national Dateschutzkommissioun (CNPD) d'Risiken vum Benotzen vu sou engem Medium an? Ginn et Guidelines vu Säiten vun der CNPD, respektiv dem europäesche Verbond vun nationalen Dateschutzautoritéiten an deem Beräich? Ass de Minister net der Meenung, dass sou Guidelines wichteg wieren?
- Huet d'Regierung wëlles eng Zort Messenger-Déngscht fir den ëffentlechen Déngscht op d'Been ze stellen, eventuell an engem Public-Private-Partnership?
 - Wa jo, wou sinn dës Iwwerleeungen drun?
 - Ginn et änlech Iwwerleeungen op europäeschem Niveau an / oder an anere Memberstaaten?
- Wéi leeft aktuell d'Kommunikatioun tëscht de staatleche Verwaltungen an Servicer of? Leeft dat alles iwwer déi klassesch Medien (E-Mail, Post, etc.)?
 - Wéi soll dës Kommunikatioun an Zukunft moderniséiert ginn?

- Wou ginn déi staatlech Informatiounen a Kommunikatiounen aktuell ofgespäichert?
Wou stinn d'Serveren op deenen dës Donneën stockéiert ginn (hei am Land oder am Ausland, Drëttstaaten)?
- Wéi vill Späicherkapazitéit huet de Staat aktuell zur Verfügung?
- Wéi ass d'Sécherheet vun deene Donneën garantéiert (physech an och virtuell)?
- Huet d'Regierung aktuell scho Verträge mat privaten Kommunikatiounsdéngschtleschter ofgeschloss?
 - Goufen et duerfir öffentlech Ausschreibungen?
 - Wann net, firwat net?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.



Laurent Mosar
Deputéierten



Gilles Roth
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2246 du 19.05.2020 de Monsieur le Député Laurent Mosar
et de Monsieur le Député Gilles Roth - Applications de messagerie dans la fonction
publique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai
d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés